

Lëtzebuerg, den 22. September 2020

Quarantän an Absurdistan

Aktuell herrscht vill Ongewëssheet an Opreegung ronderëm d'Aart a Weis, wéi mat Enseignanten a Schüler verfuert gëtt, déi Kontakt mat enger positiv op Covid-19 getester Persoun haten. Besonnesch d'Modalitéite vun der Quarantänpflicht, déi an esou engem Fall vun der Direktioun vun der Santé ugeuerdent gëtt, suerge fir Onversteesdemech a Kapprésele bei alle Bedeelegten.

Sou stellen sech vill Enseignanten an de Lycéeë beispillsweis d'Fro, mat wéi enger Begrënnung si während enger offiziell ugeuerdenter Mesure de quarantaine trotzdem **weiderhin als potentiell « Superspreader » vu Klass zu Klass wandere mussen**, während et gläichzäiteg fir si awer strikt verbueden ass um Wee fir heem zum Beispill nach tanken an e Brout kafen ze goen. A wat ass mat deene Kolleeginnen a Kolleegen Enseignanten, déi den öffentlechen Transport notzen?

An Zäiten, an deene souwisou scho grouss Veronsécherung an der Schoulgemeinschaft genee wéi och allgemeng an der Bevëlkerung herrscht, ass et an eisen Ae ganz besonnesch wichtig, dass d'Prozedur am Fall vu Kontakt mat enger infizierter Persoun **kloer, transparent** a fir jidderee logesch **novollzéibar** ass. Och wa mir als Net-Medezinner net kompetent astufe kënnen, wéi eng Moosnamen am Fall vu Kontakt mat enger infizierter Persoun ubruecht sinn, sou ass et eiser Usicht no awer ganz besonnesch wichtig, dass déi getraffe Moosnamen **eenheetlech** applizéiert ginn, an zwar **fir all Agent an der Fonction publique a fir all Schüler** an alle Schoulen uechtert d'Land.

Maskepflicht, Gestes barrières, Sens uniques, Seef an Desinfektiounsmëttele ginn et duerchaus och am öffentleche Liewen an an all Administratioun beim Staat. Et berouegt eis also iwwerhaupt net, wa vu Säite vum Educatiounsministère lapidar behaupt gëtt, d'Schoule wiere ganz besonnesch sécher Plazen. Absurdistan léisst nees grëssen! Wa potenziell ustiechend Enseignante wéinst Systemrelevanz trotzdem schaffe geschéckt ginn an zanter Joeren net genuch fir de Recrutement vun Enseignante fir déi öffentlech Schoul gemaach gëtt, da muss wéinstens elo konsequent fir **adequaten Zousatzschutz** gesuert ginn! Des Weidere stellt sech d'Fro, ob iwwergangswaisen Enseignement à distance a Fäll vu Quarantän net déi besser Léisung kéint sinn, genee wéi et bei deene vulnerabelen Enseignante gehandhabt gëtt.

De Comité vun der FEDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert déi zoustänneg Ministere vun der Éducation nationale a vun der Santé dozou op, endlech eng gemeinsam Linn ze definéieren, dës kloer ze kommunizéierten an eenheetlech z'applizéieren !

De Comité vun der FEDUSE/Enseignement-CGFP

Ënnert deem folgende [Link](#) fannt Dir och eng urgent parlamentaresch Ufro, déi an dësem Kontext vun der Deputéiert Madamm Martine Hansen gëschtt gestallt gouf, genee wéi d'Äntwert heirop vun der Gesondheitsministesche Madamm Paulette Lenert.